Mediensplitter

# 15 Milliarden, 2 Krimineller an 1 Fro vum Honoraire

*Fir d'Mediebranche war 2002 ganz gewëss kee gudd Joer. Iwwerall sin d'Publicitéitsrecetten erofgaang. Dee bis dohinner weltwäit zweetgréisste Kommunikatiounsgrupp Vivendi Universal wäer am Summer bal zesummegekraacht, an dem Leo Kirch säin iwwerschëlten Medienimperium huet definitiv Faillite gemaach. Trotzdem huet ee besser, nët an der Economie no däer markantester Entwécklung am Mediesekteur ze sichen, mee an der Politik. Méi genee: an Italien, wou de Premierminister Silvio Berlusconi amgaang as, d'demokratesch Spillregele lues a lues ofzeschafen.*

**Romain Kohn**

**Ier mir eis Gedanke maachen, op mir d'Türkei an d'Europäesch Unioun wëllen ophuelen, sollte mir eis vläicht iwwerleën, wat d'Italien vum Silvio Berlusconi an dëser Communautéit mécht.**

Et war am Abrëll 2002. De Silvio Berlusconi, italienesche Premier- an Ausseminister an enger Persoun, war a Bulgarien ënnerwee. Op enger Pressekonferenz huet hie sech beklot, et wäer "kriminell", wéi verschidden Televisiounsleit op der Rai de Service public géifen ausnotzen. Mat de Verbriecher waren den Enzo Biagi an de Michele Santoro gemengt. Béid si respektéiert Journalisten, déi mat hiere politeschen Emissiounen e Milliounepublikum virun den Ecran lackelen. Dat huet si alles näischt gedéngt: hier Programmer goufe liquidéiert. Souvill "vorauseilende Gehorsam" vun de Responsablen aus der Administratioun vun der staatlecher Rai huet de President Carlo Azeglio Ciampi aus der Reserve gelackelt. Ouni de Berlusconi ze nennen, huet hien drop bestan, datt e "pluralistesche System" an de Medien noutwenneg wäer.

D'politesch Manipulatioun vun der Televisioun as awer nët eréischt an Italie mat dem Berlusconi ugaang. Am Ufank hun d'Chrëschtdemokraten eleng décidéiert, wien an eng Spëtzepositioun bei der Rai koum. Vun der Mëtt vun den 1960er Joeren u konnten d'Kommunisten am Sënn vum spéideren Historesche Kompromëss iwwert den drëtten Televisiounskanal bestëmmen. D'Sozialiste kruten d'Rai 2 an d'Rai 1 as bei der Democrazia cristiana bliwwen. An och no dem Ënnergank vun der éischter Republik huet déi lénks Koalitioun vum Romano Prodi dem rietse Block den zweete Programm iwwerlooss. Deen éischten, deen dëse Konsens verlooss huet, as de Medienzar Berlusconi.

Dobäi däerf een nët vergiessen, datt Sua Emittenza, wéi de Chef vu Forza Italia ironesch genannt gët, selwer nach déi dräi national Privatchaînë kontrolléiert, plus wichteg Verlagshaiser, Zeitungen an Zäitschrëften. Dëse Succès verdankt hien nët wéineg der Politik. 1961, also mat nëmme 25 Joer a kengem Waack an der Täsch, huet hien viru Mailand séng éischt Trabantestad opgeriicht. Nach haut as nët gekläert, wien him dat Kapital organiséiert huet. Bei engem weidere vu sénge Bauprojetën huet hien déi ganz Siedlung verkabele gelooss an 1978 säin éischte Sender gegrënnt: Tele Milano, no amerikaneschem Virbild.

Well et nët erlaabt war, e Programm a ganz Italien ze weisen, huet de Berlusconi d'Gesetz clever emgaangen. Hie huet iwwerall am Land lokal Sender opgebaut oder opkaaft, déi zu der nemmlechter Zäit Kassettë mat engem identesche Programm ageluecht an ausgestrahlt hun. Domadder huet hien e Fait accompli geschaf, aus dem 1980 Canale 5 ervirgoung. Zwee Joer méi spéit huet hien Italia 1 an 1984 Rete 4 agesäckelt. An Enn vun den 1980er Joeren huet de Bettino Craxi, säi Frënn aus alen Zäiten, deen an der Tëscht Chef vun de Sozialiste gi war, dem Berlusconi e Gesetz stëmme gelooss, dat all séng illegal Televisounsaktivitéite legaliséiert huet.
De Kombel as, datt dem Berlusconi séng Chainë bis dohinner keng Neiegkeeten hun däerfe weisen. Par contre hu si eng amerikanesch Serie no däer anerer gewisen, mat vill Publicitéit dertëscht. Sou gouf de Berlusconi räich, well anescht

wéi déi aner privat Televisiounen an Europa huet hien am Ufank keng Suë fir deier Aktualitéitsprogrammer missen ausgin.
A wat de Cavaliere ënnert Neiegkeete versteet, huet e Fuerschungsinstitut ausgerechent. An deenen éischte sechs Méint vun der Reejhirung Berlusconi II war de Premierminister op séngen eegene dräi Chaînen 675 Minutte laang ze gesin; de Chef vun der Oppositioun, Francesco Rutelli, dogéint nëmmen 39 Minutten. Op den dräi Programme vun der Rai hun d'Journalisten dem Berlusconi nach jhust 388 Minutten zougestanen an dem Rutelli der ëmmerhin 155. Aus der Perspektiv vum Berlusconi as dat effektiv kriminell.

Der Gauche kann een de Virworf nët erspueren, datt si et a fënnef Joer Reejhirungszäit nët fäerdegbruecht huet, en Antikartellgesetz am Mediesekteur emzesetzen. Am Géigendeel: Ënnert dem Romano Prodi as esouguer nach eng Décisioun vum Verfaassungsgeriicht gekippt gin. Deemno hätt de Berlusconi missen eng Chaîne verkafen — en Noutdekret huet verhënnert, datt Rete 4 zougemaach gouf. An dat provisorescht Gesetz, datt am November 2002 zu enger Krise am Conseil d'administration vun der Rai gefouert huet, wéi déi zwee Vertrieder vun der Oppositioun hiren Hutt geholl hun, sou datt nach jhust déi dräi Repräsentante vun der Reejhirung iwwreg blouwen — och dat Gesetz vun 1993 as mat der Bedeelegung vun der Gauche gestëmmt gin.

Wéi de Michele Santoro nach séng Aarbecht als Journalist huet däerfen op der Rai maachen, sot hien eng Kéier live zum Chef vu Forza Italia, dee gäere Garantien iwwert den Oflaf vun der Emissioun gehat hätt: "Ech sin nët Äeren Employé, Berlusconi!" Theoretesch as dat nach ëmmer richteg, praktesch gewëss nët méi. De Rietspolitiker huet an der Tëscht geléiert, vill méi subtil ze reagéieren. Den Theatermann Dario Fo, definitiv e Géigner vum Berlusconi, sollt op der Rai mat enger Persiflage op Sua Emittenza optrieden. Den Departement vun den Honorairen hat allerdéngs e Problem mat dem Budget an huet ouni Verhandlunge mat dem Fo op deem séng Kontributioun verzicht.

Ähnlich iwwerzeegend huet de Berlusconi säi Conflit d'intérêt geléist. Esou richteg huet hien zwar ni agesin, firwat ee vun deene räichste Männer am Land mat engem geschate Verméige vu 15 Milliarden Euro séng Medië sollt verkafen. Hie weess jo, datt hien integer as an nimols séng Muecht als Premierminister géif asetzen, fir sech e privaten oder politeschen Avantage ze sécheren. Zum Beispill fir d'Direktioun vun der Rai esou ze besetzen, datt si genee weess, wéini e Journalist ufänkt ze genéieren. Oder d'Ierfschaftssteier ofzeschafen, fir datt d'Kanner sou vill wéi méiglech vun den Elteren hirem Verméige vu 15 Milliarden Euro kënne behalen.



An deenen éischten 100 Deeg hat d'Rietsreejhirung e Gesetz versprach, dat de Conflit d'intérêt vum Premierminister géif léisen. Datt den Text leschten Enns iwwert e Joer op sech waarde gelooss huet, hänkt wuel mat sénger aussergewéinlecher Qualitéit zesummen. D'Gesetz seet also, et géif keng Uersaach gin, dem Chef vun der Exekutiv ze verbidden, eng privat Televisiounschaîne resp. hirer dräi ze kontrolléieren. Hien däerf si halen, soulaang hie sech nët direkt em d'Gestioun këmmert. Gottseidank, wéini géif de Cavaliere bei all séngen anere Fonktiounen och nach Zäit duerfir fannen?! A sollt d'Administratioun awer enges Dags e Conflit d'intérêt entdecken, da ka si dem Parlament den Dossier, fir en ze préifen, virureechen. Mat enger ganz grousser Iwweraschung as allerdéngs nët ze rechnen, soulaang de Berlusconi bei den Deputéierten eng komfortabel Majoritéit huet.
A bei all deem gët de Mann och nach méi räich. Semistaatlech Entreprisë wéi d'Enel oder privater a Schwieregkeeten wéi d'Fiat reduzéieren hire Publicitéitsbudget op der Rai an investéieren déi Suë léiwer an engem vum Berlusconi sénge Programmer. Mee dat as wahrscheinlech jhust en Zoufall resp. d'Resultat vun engem efficacen Mediaplanning an huet näischt mat de politescher Muechtverhältnisser ze din. Kee Wonner, datt Reporter sans frontières Italien op déi lamentabel 40. Plaatz an hierem éischten Index vun der Pressefräiheet an der Welt gesat huet. Duerfir: Ier mir eis Gedanke maachen, op mir d'Türkei an d'Europäesch Unioun wëllen ophuelen, sollte mir eis vläicht iwwerleën, wat d'Italien vum Silvio Berlusconi an dëser Communautéit mécht.

*(Fräie Micro um Radio 100,7 vum 18. Dezember 2002)*